N°4273
Entrée le 19.06.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 19.06.2026
Chambre des Députés



Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19/06/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Justiz weiderzeleeden.**

Den Artikel 275 vum Code pénal gesäit Strofe vir, wa Persounen een Deputéierten, ee Regierungsmember oder ee Magistrat beleidegen oder bedrohen. Dësen Artikel gëtt deemno vu Politiker:innen genotzt, wa si der Meenung sinn, datt Aussoen oder Handlunge géint si als Outrage kéinte qualifizéiert ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi vill Plainte op Basis vum Artikel 275 vum Code pénal sinn an de leschten 10 Joer beim Parquet agaangen?

2. Wéi vill vun dësen Dossiere goufen:
    1. sans suite klasséiert,
    2. mat engem Avertissement ofgeschloss,
    3. viru Geriicht bruecht,
    4. mat enger Verurteelung ofgeschloss?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés